



munauté universelle komm ass, wou eng Fra en Appartement mat an e Stot erabruecht huet, wou Schwéierleit en Terrain enger Koppel geschenkt hunn a wou deen aneren Ehepartner e Feelverhalten huet, wat dass hien deene Leit seet? Seet hien einfach: „Pech, domm gaangen! Dir deelt elo hallef-hallef“?

An da stellen ech em déi konkret Fro - en huet vill de Projet de loi Frieden zitéiert -, firwat dass en net eng Iwwergangsbestëmmung a säi Projet de loi dragesat huet, fir ze soen: Ma alleguerten déi Avantages matrimoniaux, déi elo schonns gi gi sinn, déi sinn einfach opgeléist, sauf disposition contraire vun de Parteien. Dat ass eng konkret Fro, déi ech lech stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Här President, mir hunn dat doten an der Kommissioun laang diskutéiert an am Detail. Ech hunn de Mëtten e puermol probéiert mat der CSV, wou se d'Wuert haten, an d'Gespréich ze kommen. Dat ass net gewénscht gewiescht. Ech hu fir haut dësem Projet kee weidert Wuert bäizefügen.

(Brouhaha)

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, ech stelle fest, dass déi Leit alleguerten dobausse mam Fanger am Mond dostinn. Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Mosar huet d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, ech wollt nach eng Kéier op dee Punkt agoen, wou den Här Braz ganz vill Saache gesot huet, déi ech kann ënnerschreiw. Ech mengen, ech hunn dat och a menger Interventioun gesot. Awer op engem Punkt kann ech e wierklech net sui-véieren, dat ass, nach eng Kéier: Et stellt keen a Fro, Här Minister, datt d'Kanner, wa se dat froen am Kader vun enger Separatiouns- oder Divorceprozedur oder wat och ëmmer, kënnen en Affekot kréien a kënnen gehéiert ginn. Dat ass dat, Här Minister, wat déi international Konventiounen virschreiw. Dat an net méi.

Wat Dir awer elo aschreift, ass, datt d'Kanner selwer kënnen Partei ginn. An elo sot Dir: „Dat geet net géint d'Elteren.“

Mä dach! Géint wien geet et dann, wann d'Kanner net méi d'accord si mam Droit de garde oder mam Droit de visite, dee präziséiert gëtt?

(Interruption)

Da geet et forcément...

A fir nach eng Kéier op dat konkret Beispill zrëckzekommen: Da sinn de Papp an d'Mamm obligéiert, fir sech och en Affekot ze huelen an, le cas échéant, mussen och nach d'Kanner sech en Affekot huelen.

An dat do, an dat ass déi Fro, déi ech lech wëll stellen - wann dat esou wär, wéi Dir sot -: Firwat gëtt et a kengem Land op der Welt esou eng Prozedur? A kengem Land op der Welt gëtt et esou eng Prozedur!

► **Une voix.**- Et voilà!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Ech ka mech da just widderhuelen. Nach eng Kéier, hei geet et net drëms, dass déi Kanner géint ee virginn. Si wëllen...

(Interruption)

Neen, dat ass awer e wichtige Punkt, dass een deen Ennerscheid mécht. Hei kréien...

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Hei kréien d'Kanner d'Recht, an enger...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Hei kréien d'Kanner d'Recht, an enger Prozedur, déi fir si fundamental wichteg ass, dofir kënnen ze suergen, dass hir Rechter gewaart ginn, do-duerch, datt se eppes ufänken an ufroen. An dann entscheet nach ëmmer e Richter, ob déi Demande justifiéiert war oder net.

(Interruption)

Et kann also net dorunner scheitern, dass Elteren, déi am Clinch matenee sinn, um Enn dofir suergen, dass e Kand net kann zu senge Rechter kommen.

Da sot Der: Firwat si mer déi Éischt? Ech mengen, mir sinn e souveräant Land. Mir kënnen och opgrond vun eisen Traditiounen, vun eise Prozeduren, déi mer par ailleurs hei hunn - ech hunn der e puer do uewen developpéiert -,

mir kënnen als souveräant Parlament, als souveräant Land esou eng Demarche ënnerhuelen an am Sënn vun deem, wat mer bei der Verfassungsrevisioun amgaange sinn ze maachen, och emol eppes maachen, wat mer als Éischt maachen.

Mir brauchen och dofir net bei der Belsch oder a Frankräich alles ëmmer nëmme brav ofzeschreiw. Mir kënnen eis do inspiréieren, an dat maache mer jo ganz vill a ganz zu Recht. Mä mir kënnen och do eegene Lëtzebuerger Input an déi Texter bréngen. Et ass e souveräant Parlament vun engem souveräne Land. An ech mengen, dass dat, wat mir hei maachen, absolutt rechtens ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Et ass nach ganz wéineg Riedezäit fir d'Regierung iwwreg. Mä ass d'Chamber d'accord, fir dem Sozialminister kuerz d'Wuert ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Den Här Sozialminister huet d'Wuert.

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.**- Merci, Här President. Ech bleiwen dann hei stoen. Da wannen ech déi Zäit alt, ier ech dorobber kommen.

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleg Minister, ech mengen, et ass flott, datt mer grad an dësem Gesetz iwwert d'Scheedungsreform och de Volet vun de Pensiounen mat ugepaakt hunn. Et ass dat e wichtige Schrëtt. Ech mengen, et ass dat virun allem och eng Unerkennung un déi Partner, déi während hirer Partnerschaft, während hirem Mariage doheem bliwwen sinn an hir Aktivitéit opginn hunn, hir Schaffaktivitéit opginn hunn, fir sech kënnen verschiddene Familljenaufgaben ze widmen.

Mir hunn et baséiert op d'Basis vum Achat rétroactif, wat ee Prinzip ass, deen am Pensionsregimm virgesinn ass. Hei sinn d'Regele kloer, déi sinn einfach. An, ech mengen, dat hei ass e Recht, dat opgeet, fir datt effektiv och eng Unerkennung fir déi kënnt. An dat sinn an der Regel ganz dacks Frae gewiescht, déi hei kënnen hir Carriären opfëllen duerch dat heite Recht, fir och eng Pensioun ze kréie respektiv hir Pensioun ze verbesseren.

Ech fannen, dat ass ee richtegen, en éischte Schrëtt am Kader vun de Pensiounen. Dat wäert an Zukunft selbstverständlech an där neier Gesellschaft, an deenen neie Generatiounen, doduerch, datt elo meeschtens déi zwee Partner schaffen an eng ganz Aktivitéit, an eng ganz Carrière hunn, zum Deel auslafen. Mä hei ass e gudd Schrëtt fir déi, déi de Moment am Fall sinn.

An dofir, mengen ech, Merci fir eis Kollaboratioun, déi mer haten, e Merci och der Chamberskommissioun, och den iwwergräifende Chamberskommissiounen, déi hei zesumme-geschafft hunn, fir dat heite Recht an dësem Gesetz mat ze verankeren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Sozialminister. Mir hu keng zousätzlech Riedezäit emol misse ginn.

Mir wäeren dann um Schluss ukomm vun eisen Diskussiounen a mir géifen dann zum Vott kënnen iwwergoen iwwert de Projet 6996.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6996 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

34-mol Jo, 26-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 6996 ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Max Hahn), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Serge Wilmes), Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass och dat esou decidéiert.

Motion 1

Mir géifen dann zur Motioun iwwergoen, déi vun der Madamm Sam Tanson fir d'Majoritéit abruecht ginn ass.

Wëllt Der d'Motioun nach kommentéieren?

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).**- Ech hat se scho presentéiert.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo. Zousätzlech Wuertmeldungen dozou? Ech mengen, den Här Mosar hat och Stellung dozou bezunn. Den Här Minister?

(Interruption)

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Wann d'Regierung opgefuerdert gëtt, an dräi Joer e Bilan iwwert d'Gesetz ze maachen, da maache mer dat.

(Hilarité générale)

► **Une voix.**- Et voilà!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Voilà. Ech gi jo dovun aus, dass de Vote électronique gefrot ass. Da stëmme mer iwwert d'Motioun of.

Vote sur la motion 1

Wien dofir ass, stëmmt mat Jo, wien dogéint ass, stëmmt mat Neen. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

35-mol Jo a 25-mol Neen. Domat ass d'Motioun 1 adoptéiert.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est adoptée par 34 voix pour et 26 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Max Hahn), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Serge Wilmes), Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen zum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour iwwergoen: de Projet de loi 6921, d'Reaktioun op den Terrorismus. D'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Viviane Loschetter.

3. 6921 - Projet de loi adaptant la procédure pénale aux besoins liés à la menace terroriste et portant modification

1) du Code de procédure pénale,

2) de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques,

3) de la loi du 27 février 2011 sur les réseaux et les services de communications électroniques

Rapport de la Commission juridique

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hei geet et ëm e Projet de loi, deen den 1. Dezember 2015 vun der Regierung deposéiert ginn ass an dee sécherlech eng Inzidenz huet op dat, wat kuerz virdrun zu Paräis geschitt war. Ech kommen herno nach drop zrëck.

Wat ganz speziell ass un dësem Projet: D'Regierung huet zimlech direkt nom Depot dräimol eng Serie vun Amendementer deposéiert: deen éischten am August 2016, duerno am Abrëll 2017 an duerno nach eng Kéier am Februar 2018.

Firwat dat de Fall war? Mä ganz einfach, well wéi dee Projet, éier ech elo op den Inhalt kommen, deposéiert ginn ass, du war et den ausdréckleche Wunsch vun der Regierung, an no-tamment och vum Justizminister, fir datt engersäits d'Dateschutzkommissioun an anerersäits d'Commission consultative des droits de l'homme hiren Avis géifen dozou ofginn; wat och geschitt ass. Et waren och Entrevuen tëschen engersäits dem Minister an anerersäits eben deenen Institutionen, wou en Avis gefrot gi war.

An ech kann lech elo och scho soen, éier ech op den Inhalt aginn, datt sämtlech Recommandatiounen aus deenen Avisa vun der Dateschutzkommissioun a vun der Commission consultative des droits de l'homme an dëse Projet de loi agefloss sinn, esou wéi en lech haut zum Vott presentéiert ginn ass.

De Projet de loi huet eigentlech a sengem Inhalt net changéiert, sech net geännert, mä en ass adaptéiert ginn am Sënn, datt virun allem d'Prozedur präziséiert gi sinn, vläicht méi ausféierlech beschriwwen gi sinn an domadder och herno souwuel d'Dateschutzkommissioun wéi och d'Commission consultative des droits de l'homme sech konnte mat deem Inhalt vun dësem Projet de loi och averstanen erklären.

Ech sinn den 8. November 2017 als Rapportrice designéiert ginn. An de Statsrot hat en éischten Avis de 7. Februar 2017 an duerno nach en Avis de 16. Januar 2018 ofginn. An no deem éischten Avis complémentaire huet d'Chamberskommissioun ugefaangen, an enger ganzer Rutsch vu Reunionen un deem Projet de loi ze schaffen.

Elo zum Inhalt. Wéi ech gesot hunn: Sécherlech ass den Declencheur vun deem Projet de loi no deenen Attacken zu Paräis, oder en ass duerch déi Attacken zu Paräis declenchéiert ginn, well och do nach eng Kéier, an zwar op eng dramatesch Manéier, konnt bewise ginn an och konnt constatéiert ginn, datt déi nei Technologien am grouse Ganzen, awer virun allem d'informatesch Instrumenter, ganz vill vun Terroriste gebraucht ginn, souwuel fir d'Kommunikatioun wéi och fir d'Organisatioun an och fir d'Preparatiounen vun terroristeschen Akten, an datt et mat onser Legislatioun - iwwregens si mir net déi Eenzeg, mä déi aner Länner, notamment vun der Union européenne, si genau an deemselwechte Cas de figure -, déi mer haten, immens schwéier, voire schweierfällig war, fir kënnen effikass op déi Menace ze reagéieren, well déi ganz Instrumenter, déi gebraucht ware fir d'Enquêtes, eben net gi waren.

Wéi gesot, an dësem Projet de loi geet et drëms, fir d'Moyenen, déi den Enquêteuren zur Verfügung gestallt ginn, ëm en Deel ze vergrësseren, den Teller e bësse méi grouss ze maachen, fir d'Consultatioun ze facilitéieren, zweetens fir och... An domadder gi mer un deen Aspekt vun Dateschutz, wou ech nach eng Kéier wëll ënnersträichen, datt dëse Projet de loi och herno complètement konform ass oder wäert ginn, wann déi nei Dateschutzregelung, spréch wann dat neit Dateschutzgesetz dann an e puer Wochen och hei wäert gestëmmt ginn; dat heescht, wat d'Versuerge vun Daten an och wat de Gebrauch vun Date vu Private mat Charakter ubelaangt.

D'Regierung huet sech bei dësem Projet de loi souwuel un franséische Recht wéi och um belsche Recht orientéiert. A mir hunn eigentlech principalement engersäits de Code pénal, mä awer och d'Gesetz vun 1982 an d'Gesetz vun 2009 modifizéiert.

An der Modifikatioun vum Code de procédure pénale, do geet et am Kader vun den Infraktiounen ëm: éischstens, den Terrorismus, zweetens, de Financement vum Terrorismus an, drëttens, d'Crimes et délits contre la sûreté de l'État. An nënnen an dësen dräi Fäll si se verbessert ginn oder geännert ginn.

Éischstens, «à titre exceptionnel et sur décision spécialement motivée du juge d'instruction» kann een den Délai de rétention vu 24 op maximum 48 Stonne verlängeren «dans le cadre d'une enquête de flagrance».

Zweetens gëtt engem Enquêteur erlaabt, ënner engem Pseudonym am Beräich vun de Communications électroniques ze agéieren.

Drëttens gëtt erlaabt, während enger Instruction préparatoire, fir Perquisitiounen zu all Auerzäit virzehuelen.

Véiertens ass formellement virgesinn, datt Dispositifs techniques nécessaires fir eng Sonorisatioun an awer och eng Fixation d'images kënnen an de privaten Habitatiounen, also an de



private Raimlechkeeten an och an den Autoen, virgeholl ginn.

Fënneftens, d'Surveillance an och de Contrôle vun alle Forme vu Kommunikatiounen a vu Captatiounen vun informatiounen Donnéeën.

A sechstens, datt een och déi Dispositifs, ebe fir dat ze kréien, ka placéieren, datt een déi kann infiltréieren a private Raimlechkeeten oder iwwert den Intermediaire vun engem Réseau électronique, dat heescht iwwert den Äther.

Dann, zweetens, am Kader vun enger «peine criminelle ou une peine correctionnelle», wou déi maximal Prisongsstrof véier Joer oder méi ass, do kann een eng Observatioun mat enger technescher Hëllef vu bause vun engem Gebai erlaben, fir kënne an engem Gebai ze kucken.

Dann, drëttens, am Kader vun enger «peine criminelle ou une peine correctionnelle», wou de Maximum zwee Joer oder méi ass, ass eng Surveillance oder e Contrôle vun den Telekomunikatiounen an och vun der Correspondance postale erlaabt, dat heescht vun allem, wat iwwert d'Post kënnt.

An dann, véiertens, am Kader vun enger Enquête pour crime ou délit ou de l'instruction préparatoire kann een ebe bei d'Opérateurs de télécommunications goen, fir ze identifizéieren, wien en Abonné ass vun engem Service de communications électroniques oder och déi Servicer ze identifizéieren, mat deenen hien eben abonnéiert ass.

Voilà! Dat war elo am Kader vun der Procédure pénale.

Dann ännere mer och mat deemem Projet de loi d'Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwert d'Protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques. An do geet et drëms, fir e Fichier centralisé ze schafe beim ILR, wou et erlaabt ass, «sous réserve d'une décision motivée, au procureur d'État, au juge d'instruction» - an drëttens - «aux officiers de police judiciaire» - an nëmme fir déi -, fir kënne... pardon, an un de Service de renseignement de l'État, wou een da kann an deem Fichier en Accès direct kréien, fir Saachen nozesichen, do, wou et gebraucht gëtt.

Voilà! Dat ass op eng vereinfacht - an entschëllegt mech, datt ech mech elo versiche kuerzefassen - Manéier ernimmt, wat alles changéiert, wat alles elargéiert gëtt, fir datt et duerch dese Projet de loi an Zukunft wäert ganz restriktiv an nëmme fir verschidde Leit méiglech sinn, un Donnéeën ze kommen, déi haaptsächlech mat der Communication électronique ze dinne hunn - net nëmmen, mä haaptsächlech -, fir kënne virun allem der Menace terroriste besser a méi effikass entgéintzewierken.

Dann, drëttens, gëtt och d'Gesetz vum 27. Februar 2011 geännert, ebe fir d'Réseaux an d'Services de communications électroniques, fir eben déi dote Saache kënne mat afléissen ze loosse.

Mir haten am Ganze véier Avisen vun der Dateschutzkommissioun, een Avis vum Ordre des avocats, een Avis vun der Commission consultative des droits de l'homme an dräi Avisen, oder een Avis an zwee Avis complémentaires vum Statsrot. A mir hunn de Rapport virun zwou Wochen hei an der Commission juridique à l'unanimité des membres présents gestëmmt. An ech hoffen, datt mer och hei haut fir dese Projet de loi eng breet Zoustëmmung kréien.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President, erlaabt mer och, direkt den Accord vun der grénger Fraktioun hei ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Loschetter. An d'Wuert huet den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt och Merci un d'Madamm Viviane Loschetter fir hire schrëftlechen a mündleche Bericht. Den Depot vun deemem Gesetzesprojet, Dir hutt et gesot, dee geet ëmmerhin awer schonns op den 1. Dezember 2015 zréck an dee war och deemools op den Androck vun den terroristeschen Attacken zu Paräis an dem „Bataclan“ zréckzeféieren.

Kuerzfristeg sollt dann och de Lëtzeburger Regierungstext iwwert déi terroristesch Menace a Kraaft treden. Et sinn awer zënter dem Depot, dat muss een awer och soen, elo bal zwee an en halleft Joer vergaangen, well et huet schonns bis den November 2017 gedauert, bis dass d'Justizkommissioun, d'ailleurs op Demande vun der CSV eréischt, mat deemem Projet befaasst gouf.

Ech muss Iech awer soen: Mir hunn dat dee-

mools bedauert. An, ech mengen, do louche mer net esou falsch, well zanter dem Depot...

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

...zanter dem Depot, Madamm Loschetter, huet d'Regierung schonns zweemol nogebessert, an dat opgrond awer vu fundéierten Avisen vun der Dateschutzkommissioun an och vun der Mënscherechtskommissioun. Och den Avis vun dem Statsrot, dee louch schonns zanter dem Februar 2017 vir.

A mir hunn eigentlech dozou zwou Erklärungen.

De Minister, deen huet sengem Text wuel selwer net getraut. En Text, wéi sech herno erausgestallt huet, deen awer net esou equilibréiert war, wéi de Statsminister an och de Justizminister dat bei dem Depot ugekënnegt haten.

Oder de Minister wollt net mat den Argumenten vun der CSV konfrontéiert ginn, well dat, wat an de virgenannten Avisen stoung, dat hate mir deemools den 1. Dezember och schonns op der Chambertribün hei gesot.

Et schéngt eis also, wéi wann et net gutt zu engem grénge Justizminister gepasst hätt, vun engem CSV-Deputéierten erkläert ze kréien, wat dann d'Grondrechter an d'Fräiheeten och an dem sensibele Beräich vun der Terrorismusbekämpfung wieren.

Här President, d'CSV stëmmt awer diesen Text. En huet zum Ufank - dat soll een awer kloer an däitlech soen - sécher iwwert d'Zil erausgeschoss. Duerfir gouf et och sécherlech déi Hällewull kritesch Avisen a virun allem déi Hällewull Opposition-formell vum dem Statsrot.

Mir begrëssen och duerfir, dass d'Regierung vun hirem urspringlechen Text dann ewechkomm ass, well do ware wierklech eng Rei vu Gaffen dran, déi mat de Prinzipien vun engem Rechtsstat, och souguer dem Lëtzeburger Rechtsstat, einfach net vereinbar waren:

Wéi d'Méiglechkeet vun engem 48-Stonne-Verhéier - esou stoung dat am urspringlechen Text dran - mat nëmmen 30 Minutte Concertatioun fir dee Suspekten, well deen ass emol net beschëllegt, mat engem Affekot. Dat war deemools schonns a Contradiction flagrante mat engem anere Projet de loi, näamlech den ABC-Direktiven, déi schonns an dem legislative Prozess waren.

Wéi d'Méiglechkeet vum Asetze vu sougenannten Trojaner, ouni dëst op de Körperberäich vun der suspekter Persoun ze limitéieren. Dat gëtt elo gemaach! Ech wëll hei keen Hond opdreien. Ech wëll Iech just soen, dass Trojaner och beim Geheimdéngscht agesat ginn. An dat, wat hei an deem Text steet, mengen ech, misst ee sech seriö Gedanken maachen, opgrond vun der Rechtmëssigkeet, ob dat net och misst an den Text iwwert de SREL drastoe kommen.

De mangelhafte Schutz vun Drëttpersounen war och an dem urspringlechen Text, besonnesch a puncto vun Enquëten ënner Pseudonym.

Et gouf och e mangelhafte Schutz vun der Privatsphär am Kontext vum Asetze vu Wanzen a Kameraopzeechnungen a suspekter Privathäuser.

An et gouf och en ongenügende Schutz vun dem Berufsgeheimnis vun den Affekoten respektiv den Dokteren.

D'Positioun vun der CSV a puncto Terrorismusbekämpfung, déi ass kloer! Mir wëllen eise Sécherheetsautoritéiten duerfir méi Pouvoir ginn. Mir wëllen d'Mëttelen vun der Poursuite den neie Forme vun der Kriminalitéit och upassen. Mir wëllen eng uerdentlech Kooperatioun mat den auslännesche Sécherheetsautoritéiten.

Fir d'CSV dierfen awer d'Grondprinzipien vun dem Rechtsstat och net am Kampf géint den Terrorismus a Fro gestallt ginn, well all Aschränkungen vun de perséinleche Fräiheeten vum eenzelne Bierger mussen virun allem duerch d'Gesetz legitiméiert sinn. An dat war mat deemem Projet de loi sécherlech net de Fall. Si mussen och enger strikter Kontroll ënnerleien. An all Agrëff an d'Privatsphär vun dem eenzelne Bierger muss och op seng Rechtmëssigkeet a virun allem op d'Verhältnismëssigkeet vun de Mëttelen gepréift ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Korrekturen, déi d'Regierung gemaach huet, gi fir eis an déi richteg Richtung a fannen och duerfir den Appui vun der CSV.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Den Text ass elo méi equilibréiert, och wann en op eenzelne Punkten, wat de Schutz vun der Privatsphär ubelaangt, wäit eragräift.

An d'Madamm Loschetter huet eng Dispositioun zitéiert. Haut ka schonns an enger Infraction, wou de Maximum vun der Prisongsstrof zwee Joer ass, eng Iwwerwaachung vun den Telekomunikatiounen, dat heescht vum Tële-

fon, vun den Handyen, vun de Computeren, gemaach ginn an och de Secret vun der Post, dee gëtt opgehuewen. Eng Infraction vun engem Maximum mat Prisong vun zwee Joer! Ech wëll Iech just soen: De Vol qualifizéiert, dorop sti fënnef Joer Prisong.

Mä d'Forme vun der Kriminalitéit hu sech geännert an duerfir mussen och d'Forme vun der Repressioun deem ugepasst ginn, well ouni Sécherheet gëtt et sécher och keng Fräiheet. An duerfir gi mer als CSV d'Zoustëmmung zu deemem Gesetzesprojet.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Ah, et deet mer leed. Ech hunn de Franz Fayot hei stoen. Sorry! Den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat huet, opgrond vun aneren Engagementer haut, geännert, well de Mëttel e Face-à-face war, e wichteg Face-à-face, soudass ech elo responsabel vum Dossier sinn an dat Ganzt hei erëm iwwerholl hunn.

D'Fro, déi ech muss stellen, ass déi: Si mer prett, fir wierksam op terroristesch Menacë kënne ze reagéieren? Verfüge mer hei zu Lëtzebuerg iwwert déi néideg Investigatiounsmëttelen, fir virun allem präventiv, mä awer och bei der Opklärung vun esou Verbrichen aktiv ze ginn? Ass d'Polizei, ass de Parquet, ass den Untersuchungsriichter, sinn also all déi wesentlech Akteuren, wann et ëm Verbrichensbekämpfung geet, an enger Situatioun, fir géint schwéier Verbrichen, besonnesch international terroristesch Verbriche kënne mat Erfolleg virzegoen? Dat ass déi Fro, déi mer eis musse stellen, haut méi wéi jee, och wa mer d'Chance bis elo haten, vun terroristeschen Attacken hei zu Lëtzebuerg verschount ze bleiwen.

Mir wëssen awer och, dass mat all deem, wat sech ronderëm eis deet, dee Risiko net kann ausgeschloss ginn. Duerfir mussen mer eng objektiv Iwwerpräiwung maachen, wat vun Investigatiounsmëttelen néideg ass. A wa mer der Meinung sinn, dass mer net déi Mëttelen hunn, déi mer bräichten, fir wierksam virzegoen, mussen mer och bereet sinn, eng Rei vu gesetzlechen Upassungen ze maachen. Upassungen, déi an eisen Nopeschlänner, déi méi fréi a méi intensiv vun där Menace concernéiert waren, scho virun enger Rei vu Jore gemaach si ginn.

Déi zousätzlech Investigatiounsmëttelen mussen awer präzis definéiert sinn, an hirem Uwendungsberäich kloer begrenzt sinn, an d'Applikatioun vun deenen Texten ënnersteet selbstverständlech onofhängege riichterleche Kontrollen.

Als LSAP geet et eis, mengen ech, wéi munch aneren hei, dass mer léiwer hätten, mir bräichten eise Code de procédure pénale eigentlech net ze muscléieren. Ma dat ass et hei. Hei kritt d'Polizei, de Parquet, hei kritt den Untersuchungsriichter zousätzlech Investigatiounsmëttelen a spezifesch Situatiounen, well déi zousätzlech Mëttelen, déi mer hei ginn, déi stellen och eng Begrenzung duer vun de Fräiheeten vum Eenzelnen, stellen och en Agrëff an d'Privatlewen duer.

Dat kann een net ofstreiden. Dat ass esou. Duerfir si mer hei an enger ganz delikater Matière dran an och sécher op engem glëtschen Terrain, wou et wichteg ass, dee richtigen Équiliber ze fannen. An de Moosstab, wéi mer als LSAP un déi dote Froen eruginn, ass selbstverständlech deen, dass muss gewäerleescht ginn, dass déi Grondrechter a Fräiheeten, déi eis Verfassung garantéiert, respektéiert ginn an dass och dat Ganzt geschitt a vollem Respekt vun enger ganzer Rëtsch vun internationalen Texten a besonnesch der Europäescher Mënscherechtskonventioun. Dat ass selbstverständlech de Maassstab fir dat Virgoen, dat mer hei maachen, mat deenen Ofännerungen haaptsächlech am Code de procédure pénale.

Elo muss een natierlech genau e Bléck werfen op besonnesch den Artikel 8 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun, wou et ëm de Schutz vun der Privatsphär, de Schutz vun Privatlewe geet, wou selbstverständlech de Schutz muss bleiwen. Allerdéngs seet och déi Konventioun, dass kënne Aschränkungen zu deem absolutte Schutz bestoen, mä déi Aschränkungen mussen enger Rei vu Konditiounen entsprechen.

Eng Aschränkung kann nëmme gemaach ginn opgrond vun enger gesetzlecher Bestëmmung. Dat si mer amgaangen, haut hei ze maachen. Déi Aschränkung muss verhältnismëssig sinn. De Principe de proportionnalité ass e ganz wichteg Kritär. Déi Aschränkung muss an

enger gesonder Relatioun stoen zu deem Zil, wat een eigentlech verfolgegt. An natierlech ass et och esou, dass déi Aschränkung nëmme méiglech ass, wa se engem legitimen Interesse entsprécht. A bei der Opzielung vun de legitimen Interessen, déi an der Europäescher Mënscherechtskonventioun dra sinn, ass och opgefouert d'effentlech Sécherheet. Et ass also méiglech, dass eng Aschränkung vun deem Schutz vun der Privatsphär am Interesse vun der Warung vun der effentlecher Sécherheet ginn ass.

Mir sinn der Iwwerzeegung, dass d'Gesetz a senger Endversioun, iwwert déi mer haut ofstëmme, deenen dote Kritären zu 100% entsprécht.

Den Ursprung - ech mengen, déi meescht Leit erënnere sech drun - vun där heite Gesetzesinitiative vun der Regierung war net iergendwéi eng, géif ech soen, parteipolitesch Initiative, mä dat ware ganz kloer déi Evenementer zu Paräis, „Bataclan“, wou och eng gewëssen Opreegung war, wou gesot ginn ass: Si mer eigentlech prett, fir op esou eng Menace kënne ze reagéieren? An et sinn och net d'politesch Parteien, déi hei Virschléi gemaach hunn, wat fir Ännerungen néideg wäere fir den Instrumentarium, dee mer vun Investigatiounsméiglechkeeten hunn, auszedeenen, mä et ass haaptsächlech de Parquet gewiescht, deelweis d'Polizei gewiescht, déi hei Virschléi gemaach hunn. An en Deel vun deene Virschléi si vun der Regierung opgegraff ginn a si gegoss ginn an dee Projet de loi, dee vum Justizminister da virun enger Rei vu Jore schonn hei abruecht ginn ass. Wéi gesot, relativ kuerz nodeem déi dramatesch an tragesch Evenementer zu Paräis waren.

Déi éischt Textversioun war perfektibel, loosse mer dat esou soen, a si ass verbessert ginn an engem richtege Sënn, doduerjer, dass se hei déi néideg Präzisioone kritt huet, dass de Perimeter vun deenen eenzelne Moosnamen kloer definéiert ginn ass an dass och Kontrollmechanisme mat agebaut si ginn.

Wichtig war et, dass hei nogelauschtert ginn ass. Nogelauschtert ginn ass vun der Regierung, well et war haaptsächlech iwwer Regierungsamendementen, wou geschaff ginn ass, mat Ausnam vun deem leschten Train vun Amendementen, déi iwwert d'parlamentaresch Kommissioun gelaf sinn. Nogelauschtert ginn ass, op all déi Remarken, op all déi Kritiken, déi och komm si par rapport zu dem éischten Text vun der Regierung, wou besonnesch eis national Dateschutzkommissioun eng ganz Rëtsch vun Avisen gemaach huet, d'Commission consultative des droits de l'homme an och de Conseil d'État sech wierklech am Detail mat deenen eenzelne Moosnamen beschäftegt hunn. An déi dräi Institutiounen haten eng Richtlinn: Dat war déi, ze kucken, fir u sech d'Rechter vum Eenzelne maximal ze schützen, ouni d'Moosnam u sech awer a Fro ze stellen.

Et war also eng Feinaarbecht un den Texten, déi huet missen hei gemaach ginn. An ech mengen, dass dat Resultat vun där legislativer, legistescher Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass, sech duerchaus weise léisst, wéi och d'Rapportrice, d'Madamm Loschetter, schonn drop higewisen huet. An ech wëll hir ausdrécklech och Merci soe fir déi Aarbecht, déi si hei gemaach huet iwwert hire schrëftlechen a mündleche Rapport. An hire besonnesch och mündleche Rapport mécht et mer hei méi einfach. Et brauch een net méi am Detail op déi eenzel Moosnamen ze schwätzen ze kommen.

Et kann een och weider, et soll een och weider vläicht kritesch zu deenen eenzelne Punkten hei stoen. Och hei wär et wichteg, mengen ech, e Bilan ze zéien no enger Zäit, fir ze kucken, ob dann déi nei Investigatiounsmoosnamen u sech hir Ziler och erreicht hunn oder ob do eng Rei vun Ajustementen mussen gemaach ginn opgrond vun der praktescher Erfahrung.

Fir eis als LSAP-Fraktioun ass et déi fest Iwwerzeegung, dass mer mat deem heite Gesetz u sech zu Lëtzebuerg de Rechtsstat respektéieren. E Rechtsstat, deen och d'Aufgab huet, seng Bierger ze schützen, ze schützen géint Terrorismus a Kriminalitéit, mä awer och d'Grondrechter muss héichhalen an net dierf akzeptéieren, dass se an hirer Essenz géifen ausgehelecht ginn.

Duerfir ass et wichteg - d'Madamm Rapportrice huet och an hirem Rapport drop higewisen -, dass de gréissten Deel vun deenen neien Investigatiounsmëttelen, déi hei sollen de Polizei- a Justizorganen zur Verfügung gestallt ginn, nëmmen an engem präzise Beräich gellen, also e ganz enke Perimeter hunn, an zwar



am Beräich vun der Bekämpfung vum Terrorismus, vun der Finanzéierung vum Terrorismus an am Fall vun Delikter oder Criminen, wat d'Statssécherheet ugeet.

Dat géllt notamment fir d'Erweiterung vun der Retentioun, wou d'Leit also nach eng Kéier kënne fir zousätzlech 24 Stonnen a Retentioun geholl ginn, wann et sech ëm eng Flagrance handelt, e flagrant Délit oder e flagrant Crime.

Dann och d'Perquisition, déi haut jo zäitlech am Dag begrenzt ass, déi soll och elo während dem ganzen Dag méiglech sinn, awer nëmmen an deenen dote präzise Fäll, déi ech opgezielt hunn.

Dat géllt och ënner anerem fir déi Méiglechkeet, fir sougenannte Statstrojaner hei anzusetzen. Och dat ass ausdrécklech begrenzt op de Beräich vun der Terrorismusbekämpfung. An dat ass, mengen ech, och gutt esou, dass hei net opgemaach gëtt fir sämtlech Fäll, mä dass hei wirklech bei deenen inzisive Moosnamen do een dat esou wäit wéi méiglech an engem enke Perimeter vun engem Champs d'application behält.

Aner Moosnamen, déi sinn un Infraktiounen gekoppelt, déi eng gewësse Gravitéit hunn, déi also gewësse Maximalstrofe mat sech bréngen. Dat géllt fir d'Observation vu bausen an dat géllt och fir d'Kommunikationsiwwerwachung. Allgemenge Charakter hunn zwou Moosnamen, haaptsächlech déi, fir bei den Telekommunikationsoperateuren kënne d'Nimm vun den Abonnéen nozefroen an och hir abonnéiert Kommunikatiounsservicer kënnen nozefroen.

Wichtig schéngt eis besonnesch, dass dat éischter eng Vereinfachung duerstellt an der praktescher Handhabung, ouni dass domadder eng Aschränkung eigentlech vun de Fräiheitsrechter zousätzlech verbounen wär, dass en zentrale Fichier geschäfe gëtt beim Lëtzeburger Institut vun der Regulatioun, wou also sämtlech Donnéeën vun de Kommunikatiounsabonnementer zesummelafen a wou dat doten d'Aarbecht vun de Justiz- a Polizeiorganer an deem Sënn vereinfacht, och vum Service de renseignement, well se dann net brauchen all déi eenzel Operateuren eenzel ze kontaktéieren an unzeschreiwen, mat all Kéiers neie Prozeduren, mä dass se kënnen an enger zentraler Stell direkt op déi doten Donnéeën zrëckgräifen. Wéi gesot, dat ass haut scho méiglech, awer gëtt haut ebe gemaach, andeems se déi eenzel Operateure musse kontaktéieren. An Zukunft kann dat also méi einfach op enger zentraler Stell gemaach ginn. Dat doten ass also, menge mir, eng Méiglechkeet, fir méi effikass kënne polizeilech a Justizaarbechten ze leeschten.

Här President, ech kommen zum Schluss. Als LSAP hätte mer sécher léiwer gehat, mir bräichten esou eng Gesetzesännerung net ze maachen, et wär net néideg, dat ze maachen, mir wäeren net konfrontéiert mat engem Risiko vun engem terroristeschen Uschlag, mir missten net präventiv an deem dote Beräich och virgoen. Mä leider si mer net an esou enger Welt. A wann een den Optrag, dee mer als Stat hu vum Schutz vum Bierger, vu sengem Liewen a vu senge Gidder, seriö hëlt, da musse mer eis och Méiglechkeete ginn, fir do kënne wirksam dat ze garantéieren, ouni awer Grondrechter an hirer Essenz auszuhielechen.

Mir mengen, dass dat gelongen ass mat deenen heiten Texter, an hirer Versioun, wéi se eis elo virleien, dass do eng gutt Aarbecht, legislativ Aarbecht iwwert déi lescht Jore gelescht ginn ass. Et ass heiands och gutt, wann e bëssen Zäit vergeet, dass een net ëmmer direkt an der Hektik déi Saache mécht. Dat huet eis hei d'Méiglechkeet ginn, mengen ech, e verbesserten Text ze hu par rapport zu deem, wat an der éischter Reaktioun dann op den Instanzewege geschéckt ginn ass.

Hei ass wirklech probéiert ginn, nozelauschteren, probéiert ginn, alle Remarken, esou wäit wéi méiglech, Rechnung ze droen. An et ass, mengen ech, en uerdentlechen Text dobäi erauskomm, deen ausgeglaach ass - dat ass dat Wichtigst hei - an deen et fäerdegbréngt, dee ganz schwierigen Equilibre vu konfliktuelle Rechter a Fräiheeten ze garantéieren. An deem Sënn wäerte mer och deen heiten Text stëmmen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. An nächste Riedner ass den Här Eugène Berger.

► **M. Eugène Berger** (*DP*). - Merci, Här President. Madrid, Bréissel, Paräis 2015, „Bataclan“, dat sinn Datummer a Plazen, déi fir bluddeg, terroristesch Attentater, Leed a Misär

stinn. A si hunn och gewisen, dass terroristesch Akten net eppes ass, wat wäit ewech ass, mä et kéint och méiten an eise Stied virun eiser Hausdier passéieren.

Ech wëll elo d'Gefor vun Attentater net eropbeschwieren oder iwwerspëtzen, mä mir mussen eis bewosst sinn, dass och Lëtzebuerg hei keng Insel ass. Mir kënnen elo Holz upaken a soen, hoffen, dass ni eppes hei geschitt, mä mir dierfen awer, wa mer verantwortlech Politik wëlle maachen, och keng Efforte scheien, fir optimal op Präventioun ze setzen.

Dat heescht, dass mer eis also och déi néideg materiell a juristesche Moyene ginn, fir awer och am Respekt vum Rechtsstat, am Respekt vum Biergerrechter effikass géint eminent oder potenziell Gefore kënne virzegoen.

An, ech mengen, dee virleienden Text reit sech an déi Logik an. Sécherlech, wéi mäi Virriedner gesot huet, am léifsten hätte mer alleguerten, wa mer keng esou Texter bräichten. Mä, wéi gesot, et muss een awer, wann een op Präventioun setzt, esou Texter och hei stëmmen. Mä deen Text reit sech awer an déi Logik a vun op där enger Säit Präventioun, effikass Moyenen, an op där anerer Säit de Respekt vun den eenzelne Biergerrechter.

Ech wëll net op all Detail agoen, well d'Rapportrice dat gemaach huet, an ech wëll där och Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech wëll duerfir einfach nëmmen e puer Remarque maachen, fir e puer Elementer nach eng Kéier kuerz ze beliichten.

Ech mengen, dat, wat een elo gesinn huet, d'Opschaffe bei eisen Noperen, déi esou Attentater huten, huet gewisen, dass et och heiands méiglech gewiescht wier, an deem engen oder anere Fall, fir verschidden Attentater ze verhënneren, wann een déi richteg Instrumenter, och juristesche Instrumenter, méi schnell zur Verfügung gehat hätt oder wann een déi och schonn an deenen eenzelne Legislatiounen gehat hätt.

An, ech mengen, et ass och duerfir, dass d'Regierung ganz séier reagiert huet an dese Projet de loi schonn en hallwe Mount no dem Paräiser Attentat vum 13. November 2015 an der Chamber deponéiert hat. D'Regierung huet also deemools hir Verantwortung iwwerholl, net nëmme mat deem Projet de loi, och mat aneren direkte Mesuren 2015. Ech wëll nëmmen drun erënneren, dass mer och deemools ganz schnell déi Decisioun geholl hunn, dass keng anonym SIM-Kaarte méi dierfen am Ëmlaf sinn.

Mir fänken och net ganz bei null hei un, mä dese Projet de loi, dee reit sech an eng Rei Gesetzter an, déi mer schonn an der Vergaangenheet gestëmmt hunn, mä déi eis awer net all d'Moyene ginn hunn, déi mer eventuell bräichten.

Mir hunn och europäesch Texter, wou et ëm Kooperatioun am Kampf géint Terrorismus geet, international Konventiounen, déi mer gestëmmt hunn, wou mer kënne mat eise Partner zesummeschaffen, och aner national Gesetzter, déi mer gestëmmt hunn. Ech erënneren do nëmmen och un dat neit SRELS-Gesetz.

Ech mengen, den effiziente Kampf géint den Terrorismus, deen zeechent sech an éischer Linn duerch gutt equipéiert Autoritéiten aus, déi séier an och onkomplizéiert dann agräifen, wann et wirklech absolut noutwendeg ass. A gläichermooeser wichtig ass et awer och, dass d'Grondrechter vu jiddwerengem respektéiert ginn an et hei net zu Mëssbräich kënnt. Ech brauch lech net ze soen, dass als Liberal dat fir eis ganz wichtig ass. Et geet also drëm, en Equilibre ze fannen tëschent Präventioun vum terroristeschen Akten an dem Respekt vu fundamentale Rechter a Fräiheeten vun all Eenzelnen.

An dee Projet de loi, dee mer haut stëmmen, dréit, ech hunn et scho gesot, deenen zwee Aspekter Rechnung. Eis Autoritéite kréien nei Pouvoiren am Kampf géint den Terrorismus a si gläichzäiteg strenge Kontrollmechanismen ënnerwerf, déi sécherstellen, dass kengem seng Grondrechter verletzt ginn.

Et muss een och ëmmer am Hannerkapp hunn, dass hei net Mesuren agefouert ginn, déi d'office géint all onbescholtene Bierger kéinten agesat ginn. Dat soll een net vergiessen. Hei steet net, mat deene Mesuren, jiddwereen hei am Land ënner Generalverdacht. Ech mengen, mat deenen Texter sinn ëmmer Persounen viséiert, wou e ganz seriösen, en eminente Verdacht besteet, well se schonn eventuell déi eng oder aner Akten oder Dote gemaach hunn, versicht hunn ze maachen, déi net nëmmen am penale Beräich anzestufe sinn, mä déi och Indizien opweisen, dass se kéinten zu engem konkreten Akt vu schwéierem Strofdot oder Terrorismus oder Bähëllef zu Terrorismus iwwergoen.

Dat géllt also fir all déi nei Mesuren, déi mer mat deem Gesetz aféieren. An et ass och wichtig, dass déi nei Instrumenter, déi mer haut schafen, keng Alibimesurë sinn, mä dass se konkret a sënnvoll sinn, fir eis am Kampf géint den Terrorismus ze hëllefen.

Ech wëll dat einfach nëmmen illustréieren an der Praxis. Am Kader vu Verbrieche, déi an Zesummenhang mat engem versuchten oder engem erfollegten Attentat stinn, kann den Untersuchungsrichter jo elo unuerdnen, dass eng verdächtig Persoun 48 Stonnen, amplatz 24 Stonnen, ka festgehale ginn. An dat mécht absolut Sënn.

Wa mer nëmmen d'Attentat vu Paräis 2015 kucken, dann erënnere mer eis, mir kënnen eis erënneren un d'Billen an de Reportagen, dass déi Nuecht an och deen Dag duerno nach e gewëssenen Duerjerneen dominéiert huet. D'Rettungsdéngschter an d'Police waren der-madder beschäftegt, nach Mënschen ze retten, Plazen ofzesécheren, mä et war awer eng Zäit net kloer: Sinn nach Attentäter op de Stroossen, an de Gebaier ënnerwee? Sinn nach weider Mënscheliwwen a Gefor? An et konnt ee sech also net sécher sinn, wien och am Endeffekt vläicht Affer oder Täter war.

A stellt lech elo emol vir, an esou enger Situation, déi also vläicht een, zwee Deeg dauert, wou vill Duerjerneen ass, dass een do dann ee Verdächtige nëmme kéint 24 Stonne festhalen, fir dann eventuell Preuve ze fannen, fir dee Verdächtige da kënnen an Untersuchungshaft ze setzen!

Ech mengen, et mécht also duerchaus Sënn, dass den Autoritéiten dann deen néidege Spott vu 24 zousätzleche Stonnen ka gi ginn, fir genuch Zäit ze hunn, fir all Elementer ze sammeln, fir och déi richteg Decisiounen dann ze treffen. Well ech wëll mer elo net ausmolen, wann hei am Land iergendeppes wier, en Attentat, an et misst een dann ee vun den eventuellen Täter lafe loossen, well een nëmme 24 Stonne kéint festhalen, dass een all d'Epreuve hätt! Ech mengen, do brauche mer eis net ausmolen, wat fir eng Diskussioun mer dann hei hätten.

Ech mengen, deiselwecht Iwwerleeungen, déi kéint een och bei enger anerer Mesureustellen, déi hei mam Gesetz agefouert gëtt, an zwar d'Perquisitionen zu all Auerzäit an - ech soen emol e bëssen iwwerspëtzt - net nëmmen zu de Büroazäite vu moies sechs bis owes sechs. Ech mengen, och hei erkläert sech dat vum selwen, firwat des Mesure absolut noutwendeg oder berechtigt ass an esou engem Fall.

Ech mengen, wann d'Autoritéiten en Hiweis kréien, iwwer Nuecht zum Beispill, dass do imminent en Attentat kéint ausgefouert ginn oder geplangt ginn, dann ass et normal, dass een dann net seet: „Jo, mir waarde bis muer de Moie sechs Auer, ier mer da kucken anzegräifen.“ Ech mengen, och hei gesäit een, dass dat awer Saache sinn, déi absolut Sënn maachen.

Mam Gesetz, an dat ass jo dat, wou een da méi oppasst, ob dat dann awer och am Aklang ass - ech soen emol - mat all de Biergerrechter. Et gi jo och verschidden Instrumenter agefouert, fir d'Lokalisatioun an d'Kommunikatioun vu potenziellen Täter ze suivéieren.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Och hei huet ee sech missen, an dat ass jo och e Fait, un déi nei Technologien upassen, an och eis Texter deem upassen. Et ass nun haut emol esou, dass am internationalen Terrorismus net méi iwwer onverschlësselt Kanäl, iwwert den Haustelefon oder oft souguer emol net méi haut iwwert den Handy kommuniquéiert gëtt. Et gëtt gewéinlech mat anere Kommunikationsmethode gemaach, déi schwéier ze dekréptéieren sinn oder déi schwéier ofzelauschteren sinn: Skype, verschlësselt Mailen an esou weider.

An och do muss een also kënnen usetzen, well och an der Vergaangenheet huet ee jo gesinn, dass et och méiglech ass, eben haaptsächlech wann een d'Kommunikatioun kann interceptéieren vu potenziellen Terroristen oder Täter, dass een do awer eng gewëssen Erfolgsrat huet. Nëmme als Erënnerung, dass, ech mengen, dat war virun zwee Joer, zu Léck verschidden terroristesch Attentäter konnte festgeholl ginn, ier se deen Dag duerno praktesch wollten zu der Aktioun iwwergoen.

Et ass natierlech och kloer: Eenzeltäter, déi et och gëtt, déi sinn natierlech schwéier ze ervaassen, och mat esou Systemer, well déi jo da gewéinlech net musse mat engem anere kommuniquéieren.

Ech mengen, och d'Infiltratioun, d'Benotze vu Pseudonymen an aner technesch Hëllefsmittel, ouni se elo nach eng Kéier all opzezielen, dat gehéiert einfach haut zu enger moderner, géif ech emol soen, virun allem enger effizienter Antiterrorstrategie. An duerfir muss ee sech awer och kënnen déi Moyene ginn, fir do-robber ze setzen.

An ech wëll och soen: Hei déi Mesuren, déi kënne jo ëmmer nëmmen agesat ginn, wa wirklech en Terrorakt oder e Verbräiche géint d'Sécherheet vum Stat am Raum steet. A se ginn och vu strenge Kontrollmechanisme begleet. Duerfir si jo och nach déi eng oder aner Kéier d'Texter e bëssen ajustéiert ginn. Déi Instrumenter sinn also net geduecht, fir se géint den normale Bierger, géif ech emol soen, anzusetzen. Hei ass dat wirklech net de Fall! Dat muss ech ëmmer erëm betounen.

An, wéi gesot, bei all deene Mesuren, an dat ass eis eben och wichtig an engem Rechtsstat, sinn ëmmer eng ganz Rei Autorisationskontrollmechanisme virgesinn. Et dierf also keen arbiträr hei sinn. Et ass also esou, dass déi Prozedure wirklech nëmme virgesi sinn, wann et wirklech ëm verdächtig potenziell Attentäter geet.

Ech mengen, och duerfir, wéi gesot, dat ass ëmmer eis Suerg als Liberal, dass do de perséinlechen Dateschutz garantéiert ass. An dat ass awer hei fir eis an deem Text kloer de Fall mat all de Garantien. An duerfir kënne mir och deem Text zoustëmmen.

Här President, ech hunn eigentlech e bëssen déi äänlech Konklusioun wéi schonn d'Virriedner. Dëst Gesetz hei hätt eigentlech kee sech gewënscht, mä et ass absolut noutwendeg, wa mer wëlle gutt an effikass opgestallt sinn, fir präventiv géint Terrorismus virzegoen.

Hei mat deem Gesetz kënne mer eis esou opstellen, dass mer de Risiko op e Minimum reduzéieren kënnen. Duerfir brauche mer dëst Gesetz. Duerfir brauche mer awer och de Service de renseignement, d'Police a Justizautoritéiten, déi déi néideg Instrumenter kréien, fir beschte méiglech kënne präventiv ze schaffen, heiheim an a Kooperatioun mat hiren europäeschen an internationale Partner an an der Hoffnung, dass mer hei zu Lëtzebuerg awer bis an all Eiwegkeet verschout bleiwe vun esou Attentater.

Dat gesot, géif ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi ginn.

Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Berger. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (*ADR*). - Merci, Madamm Presidentin. Och mir schlëssen eis de Virriedner vollumfänglech un. Wéi se richteg gesot hunn, besonnesch och den Alex Bodry: De Schutz vum Bierger ass déi virdrénglechste, ass déi éischten Aufgab vum Stat.

Et ass zwar schrecklech, dass mer esou ee Gesetz brauche wéi dat heiten, mä et ass gutt, dass mer et elo kréien. Wéi mir hei d'Verfassung geännert hunn, fir der Regierung a Krisefäll wäitestgehend Pouvoiren zouzegestoen, sote mir als ADR, dass dat wier an eisen Aen dee falsche Wee. Wann ee jo wéisst, wéi eng Bedroungen op eis zoukommen, da wier et besser, dat a Rou mat Aemooss zurzäit ze maachen. De Gesetzgeber soll et maachen a soll entsprechend Instrumenter schafen. Hei ass eent dervun. Et ass net dat eenzege an der Präventioun. Ech kommen drop.

Duerch dëst Gesetz, wat d'Terrorismusbekämpfung ugeet, maache mer en éische Schrëtt. Wann ee mir als Droitstudent oder jonken Affekot, an anere Kolleegen heibanne geet et d'selwecht, gesot hätt virun 30 Joer, mir géifen enges Daags engem Gesetz zoustëmmen, wat dem Stat esou wäitgehend Pouvoire gëtt - Ophiewung vum Bréifgeheimnis, Oflauschteraktioun doheim, am Auto, Infiltratioun a Computeren an esou weider an esou fort -, mir hätten déi Leit fir verréckt erkläert. An haut stinn ech awer hei a soen: Et ass gutt, dass mer dëst Gesetz kréien!

Mir kréien et, well et néideg ass. Keng aner Partei, keng vun eise Parteien hei géif deem Gesetz zoustëmmen, wann et net leider Gottes batter néideg wier.

An da komme mer zum Thema Präventioun. Wéi eng Ideologie deem blannen, verblennten islamisteschen Terror zugronn läit, ka warscheinlech kee vun eis rational verstoen. E gouf net verhënnert, mä e gouf gefërdert duerch de Fakt, dass Honnerttausende Mënschen ënnert dem Begrëff „Flüchtling“ an d'EU koumen, déi net ervaasst goufen: weder hir Identitéit, hir Nationalitéit, hiert Hierkunftsland, hire Wunnuert, mä schwätze mer guer net vum richtigen Alter oder vu Fangerofdréck. A Violatioun vun nationalen an internationalen Texter sinn déi an d'EU erakomm!

Vill vun dese Mënsche si keng Asylanten am Sënn vum Asylrecht, wat indiskutabel all Mënsch zousteet an zoustoe muss, deen a sengem Land weinst senger politescher Astellung, senger Relioun, senger sexueller Ausrichtung an esou weider verfollegt gëtt an ëm säi Liewe baange muss.



Si sinn och oft keng Krichsflüchtlingen am Sënn vun der Genfer Konventioun: Leit, deenen indiskutabel temporäre Schutz ze gewären ass, bis se nees kënnen heemkommen; déi Situatioun, déi mir selwer hei am Land virun nëmmen zwou Generatiounen mat-gemaach hunn.

Déi meescht si Migranten, déi dat mënschlech duerchaus éierbart an novollzéibart Zil verfolgen, fir sech, hirer Famill oder hirer Duerf-gemeinschaft eng besser Zukunft ze sécheren a materielle Wuelstand. A selbstverständlech sinn dës sozial Migranten net d'office Krimineller a scho guer net Terroristen, och wa se selbst-verständlech eng enorm Belaaschtung fir d'so-zial Kohäsion vun eiser Gesellschaft a vun eise Sozialsystemer duerstellen.

Mä eben och d'Terroriste profitéiere vum Fait, datt eis EU-Bausegrentzen net geséichert sinn! Do ass d'Klux, wa mer wëlle vu Präventioun schwätzen! Mindestens zwee vun den Attentäter vu Paräis vum „Bataclan“ sinn als Flüchtlingen iwwert d'Insel Leros an Europa agereest, genau ewéi zwee weider Membere vu genau där IS-Terrorzell. Weinstens eng Dose weider IS-Terroriste si mat änneleche gefälschte Päss an Europa komm. Mir wëssen net, wou se sech befannen. Si liewen onerkannt matzen ënner eis.

Ee vun den Terroriste vu Bréissel, Mäerz 2016, koum als Bootsflüchtling aus der Türkei. D'Attentat op d'Londoner Metro, op de Chrëschtmaart bei der Berliner Gedächtniskirche, déi vun Ansbach a vu Würzburg: Si all goufe vun esou infiltréierten islamisteschen Terroriste verüübt!

Anescht wéi duerch Methoden, déi dëst Gesetz virgesäit, kënnen mer eis net schützen, kënnen mer eis Bierger net schützen, kënnen mer eisem virdrëngleche Statsoptrag net gerecht ginn, mä zu där Präventioun gehéiert och endlech eng seriö Iwwerwaachung vun eisen EU-Aussegrentzen.

Et ass schrecklech, datt mer dëst Gesetz brauchen, an et ass gutt, datt mer et haut kréien.

Ech soen Iech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Reding. Als nächste Riedner ass den Här Marc Baum ageschriwwen. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Madamm Presidentin. Dëst Gesetz huet jo e Virlaf. E Virlaf, op dee verschidde Virriedner och schonn agaange sinn an deem als wesentlechste oder als markéierendste Element d'Attentäter vum November 2015 zu Paräis hat.

Et huet nëmmen e puer Woche gedauert, bis zum 1. Dezember, bis d'Regierung dunn en éischte Jet vun dësem Projet deposéiert huet. An engem Zoustand vun enger gesellschaftlecher Hysterie, well Faite geschitt sinn, op déi eis Gesellschaft an deem dote Mooss net preparéiert war an déi se an där doter Form och esou net kannt huet, obwuel an Europa den Terrorismus eppes ass, wat zënter 30, 40, 50 Joer a verschiddene Länner gang und gäbe ass a wou déi verschidde Länner och Erfahrungen domadder hunn. Mä et hat eng nei Qualitéit, dat, wat do geschitt ass.

An nach eng kéier, e puer Wochen drop, ass eng Proposition de révision constitutionnelle deposéiert ginn, déi den État d'urgence, deem duerno dann ofgeschwächt État de crise genannt sollt ginn, sollt erweideren. Dispositiounen, déi et schonn dee Moment an der Verfassung gi si fir international Konflikter oder international Krisen, sollten dunn och ausgebaut ginn op national Krisen; dëst alles am Numm vun der Terrorismusbekämpfung.

Dunn, nach eng kéier e puer Wochen a Méint duerno, sinn dann déi éischt Avisen zu dësem Gesetz komm: d'Avisen vun der nationaler Date-schutzkommissioun an d'Avisen vun der konsultativer Mënscherechtskommissioun. An déi zwee Avisen haten eppes gemeinsam, nämlech datt se allen zwee d'Hänn iwwert dem Kapp zesummegechoen hunn a wesentlech - wesentlech! - Elementer vun deem Projet, deem dolouch, kritiséiert hunn.

D'Regierung huet doropshin e puermol no-gebessert, mä souguer nach bei der éischter Nobesserung war awer net esou wäit nogebessert ginn, datt zum Beispill net drastoung (veuillez lire: datt zum Beispill dragestanen hätt), datt Pseudonym-Enquêtes net kéinten duerchgefuert gi mat Nimm vu reell existéierende Persounen.

Dunn Enn 2017 ass den Avis vum Statsrot komm. An deem Avis, dee war gradesou vernichtend, wann een dat esou ka soen. Et stoung dran, an ech liese vir: «La simple lecture des mesures ainsi proposées fait apparaître que lesdites mesures que les auteurs considèrent comme n'étant 'pas dramatiques', sont au contraire des dispositions qui affectent certains

droits fondamentaux des citoyens. Est ainsi affectée la protection de la vie privée garantie par l'article 11 (3) de la Constitution. Il en est de même de la liberté individuelle garantie par l'article 12 de la Constitution, plus particulièrement par la troisième phrase de cet article. Est encore restreinte l'inviolabilité du domicile (article 15 de la Constitution).» A véiertens: «L'inviolabilité du secret de la correspondance (article 28 de la Constitution) est elle aussi touchée par ces mesures.»

Alles dëst sinn awer Elementer, déi weisen, a wéi engem Esprit zumindest déi éischt Fassung vun deem doten Text geschriwwen ginn ass. A wann den Här Bodry virdru gesot huet, datt déi éischt Fassung „perfektibel“ gewiescht wier, da muss een zumindest zrëckhalen, datt dat en Euphemismus, mengen ech, ass.

Mir orientéieren eis an der Terrorismusbekämpfung an all deene verschiddene Mesuren a Gesetzer oder souguer a Verfassungsännerungen, a mir als Lénk hunn dat ëmmer erëm kritiséiert, ganz staark un deem, wat a Frankräich an an der Belsch geholl ginn ass vu repressive Mesuren. A mir hunn eis relativ weineng un deem orientéiert, wéi Däitschland mat dem Phenomeen vum Terrorismus ëmgaangen ass, wéi eng Mesurë si geholl hunn oder virun allem net geholl hunn a wéi se op d'Kraaft vun hirem Rechtsstat vertraut hunn.

Madamm Presidentin, deem zweete grouesse Problem, dee mer mat dësem Text hunn, dee läit a sengem Titel. Et ass en Text, deem d'Procédure pénale verännere wëllt, «lié(s) à la menace terroriste». An da si mer beim Begrëff vum Terrorismus. Mir wëssen, den Här Braz huet virdru gesot: Den Ideolog ass ëmmer deem aneren. Den Terrorist ass och ëmmer deem aneren. Dat, wat verschidde Staten als Terroriste bezeechnen, gesi mir als Helden, an ëmgekéiert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Madamm Presidentin?

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Ee Moment! Här Baum, erlaabt Der, dass...?

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Ech mengen, den Här Kartheiser wëllt mer eng Fro stellen.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, ech wollt just den Här Baum froen, ob e kéint dat präziséieren, ob dat elo gemengt war fir déi Lénk oder ob dat méi eng allgemeng Ausso war. Ech wollt e just froen, wéi eng Helden hien da géif consideréieren, déi iergendwou anescht als Terroristen ugesi ginn. Et wär awer interessant, dat hei gewuer ze ginn.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Ech mengen zum Beispill, wat an der Türkei geschitt an déi Denominatioun vun deene Leit, déi do als Terroriste bezeechent ginn an déi an anere Länner, notament och bei eis, deelweis als Fräiheitskämpfer gesi ginn, Verteideger vu liberale Rechter. Ausser Dir géift dat elo, Dir hätt do eng aner Interpretatioun.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Esou formuléiert, kann ech dermat liewen.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Gutt! Här Baum, un Iech.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Ech fäerten, ech hunn elo eppes falschgemaach.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Neen, et ass fein. Här Baum, et ass un Iech.

(*Hilarité*)

Den Här Baum huet eleng d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Madamm Presidentin, dee Begrëff „Terrorismus“ ass, wéi e fir d'Éischt an eis Gesetzgebung agefloss ass, nämlech 2003, vun Ufank un extrem schwammeg gewiescht. An dat ass och dee Moment 2003 vu ville kritiséiert ginn. Et ass kritiséiert ginn deemools vun deene Gréngen. Et ass kritiséiert gi vun der LSAP, déi och duerfir dergéint votéiert hunn, well de Begrëff eng Nebulos ass, deem awer gläichzäiteg vum repressive Potenzial onheemlech vill Méiglechkeeten opmécht a wou genau d'Proportionalitéit a Fro gestallt ginn ass, déi notament mat deem Begrëff vum Terrorismus zesummenhängt.

Et ass also e Begrëff, deem, an eisen Aen, net gekläert ass an deem awer, zumindest an der Referenz, d'Basis zum Deel vun dësem Text duerstellt. En Text, wou an der Procédure pénale d'Mëttelen erweidert ginn, d'Intrusioun erweidert gëtt; Aschnëtter, déi deelweis wäitgoend Konsequenze kënnen fir d'Privatliewen hunn.

Mir hätten eis gewënscht, dës Regierung hätt an deene leschte fënnef Joer dee Chantier ugepaakt an hätt versicht, dee Begrëff méi ze klären, fir all deem, all deene Kriticken, déi ganz dacks an der Vergaangenheet och erëmmen sinn, net nëmmen de Wand aus de Segelen ze huelen, mä virun allem d'Berechtigung ewech-

zehuelen. Dat ass leider net geschitt. An duerfir liewe mer elo nach mat deem ganz schwammegen, nebulöse Begrëff.

Eppes, wat mech weider e bësse stéiert oder souguer ganz staark stéiert un deem Text hei, dat ass, datt, wéi mer iwwert den État d'urgence diskutéiert hunn, wat jo deelweis och eng hefteg Diskussioun war, déi och an der Zivillgesellschaft gefouert ginn ass, dunn ass ëmmer erëm een Argument erëmmen, wat do-ranner bestanen huet, fir ze soen: „Mä kommt, et ass besser, et ass méi fortschrittlech, mer schreiwen den État d'urgence, also den Ausnahmestandard, an d'Verfassung, mir reglementéieren deem, mir maachen do méiglech vill Garde-fouen, well dat verhënnert, datt mer ebe justement eng weider Repressioun am Droit ordinaire kënnen virhuelen!“

An ech stellen elo awer fest, datt mer béides maachen! Dat heite si repressiv Mesuren, a mir hunn och nach den État d'urgence erweidert an der Verfassung.

Duerfir menge mir als Lénk, datt mer nieft der Fro, ob mer prett sinn, eis virun terroristesche Menacen ze schützen, och prett misste sinn, fir eis rechtsstaatlech Grondfräiheeten ze schützen. A mer mengen, datt dësen Text leider Gottes nu wierklech net dozou bäidréit. An duerfir wäerte mer och géint dësen Text stëmmen.

Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Baum. Ech hunn elo keen aneren Deputéierte méi ageschriwwen. Da géif ech elo den Här Justizminister bidden, op d'Tribün ze kommen. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Madamm Presidentin. Den Text, iwwert dee mer haut diskutéieren, dat ass scho gesot ginn, ass den 1. Dezember 2015 offiziell deposéiert ginn. An do war natierlech e Lien mat den dramateschen Evenementer vum „Bataclan“ zu Paräis, déi, wéi Der nach all wësst, freides den 13. November 2015 waren. Mir hunn also en Text bannent ganz kuerzer Zäit no deenen Evenementer deposéiert.

Et si virdrun, ech mengen, et war den Här Baum, Begrëffer gefall wéi „Hysterie“ an deem heite Kontext. Esou hunn ech dat net an Erinnerung. Et war dee Moment hei am Land wéi och soss iwwerall an Europa eng ganz grouss Betreffenheet. Trauer, Roserei, Suerg ass ausge-dréckt ginn.

An op der Säit vun de politesche Responsabelen hunn ech och keng Hysterie festgestallt, mä et war éischter Responsabilitéit a Realismus iwwert dat, wat net wäit vun eis ewech geschitt ass a vun deem mer leider mussen unhuelen, dass kee Land, trotz all de Moyenen, déi et deployéiere kann, eng Garantie huet, dass et dat Land net trëfft.

Dofir kann ech nëmme mat all deenen d'accord sinn, déi virdru scho gesot hunn, dass mer gären op dëst Gesetz verzicht hätten an dass mer souguer hoffen, dass d'Gesetz hoffentlech net brauch zur Uwendung ze kommen, well mer mat deem Phenomeen net an deem Mooss wäerte konfrontéiert sinn, wéi dësen Text et eis awer erlaabt, fir drop ze äntworten.

Mir hunn also effektiv séier en Text gemaach. Dat war awer keen Akt, deem oniwwerluecht war, well déi Mesuren, déi haut am Text drastinn, sinn duerchaus Mesuren, iwwert déi sech och scho virdrun, um Niveau vun de Verfol-gungsautoritéiten an der Haaptsaach, Gedanke gemaach gi sinn. An dofir war et och méiglech, a relativ kuerzer Zäit en éischten Draft vun dësem Text op den Dësch ze leeën.

Et ass ganz vill iwwert dësen Text gesot ginn, leider och ganz viles, wat net zoutreff, wat net stëmmt. Dësem Text ass virgeworf ginn, et wär en Iwwerwaachungstext, e géif d'Grondrechter a Gefor bréngen, all d'Leit, och déi, déi sech näischt virzwerfen hätten, kéinte prinzipiell hei vum Stat iwwerwaacht ginn, d'Polizei kréich Rechter, déi wäit an eigentlech ze wäit géife goen, an déi Mesurë wäeren zum Deel hautement contestabel.

Ech wëll dozou just e puer Remarke maachen.

Déi éischt ass, fir ze ënnersträichen, dass deem heiten Text - an dat ënnerscheet eis zum Deel daitlech vun deem, wat an anere Länner gemaach ginn ass, an dofir sinn ech och mam Här Baum op deem Punkt do net d'accord -: Mir hunn hei net dat gemaach, wat an anere Länner, och no bei eis a ronderëm eis, gemaach ginn ass, well deem heiten Text all seng Mesuren, déi e beinhalt, judiciariséiert huet. Hei si mer exklusiv am Beräich vum Judiciaire, dat heescht och mat all de Garantien, déi et am Beräich vum Judiciaire gëtt, duerch eis eegen national Texter, duerch eis Verfassung an och duerch international Texter a Konventiou-

nen, zu deene Lëtzebuerg seng Zoustëmmung ginn huet.

Mir sinn hei net am Beräich vun der Police administrative, wou mer géife Rechter, contre-argument zu deem zum Beispill, wat Frankräich deelweis gemaach huet, wat d'Belsch deelweis gemaach huet... Eis Demarche fënnt ausschliesslech statt am Beräich vum Judiciaire. Dat ass e fundamentale Punkt, deem net oft genuch an deem heite Beräich erwänt gëtt.

Déi zweet Remark, déi ech wëll maachen, an déi hängt un där éischter mat drun: Hei si mer net am Beräich vun der Iwwerwaachung, fir kee Bierger an dësem Land. Hei si mer am Beräich vun der Strohverfolgung. D'Justizautoritéiten, d'Strohverfolgungsautoritéiten ginn aktiv dee Moment, wou eng Infraktioun virläit oder wou zumindest de Verdacht, de begrënnte Verdacht op eng Strofdot virläit.

Et ass also keng Measure, déi wahllos op Leit applizéiert gëtt, déi duerch Zoufall géifen an esou eng Kontroll geroden. Wien ënnert d'Applikatioun vun dësen neien Artikelen vum Code pénal, vum Code de procédure pénale fällt, si Leit, déi schonn eng Strofdot begaangen hunn oder déi zumindest am begrënnte Verdacht stinn, dass se eng Strofdot an deem enk limitéierte Beräich vum Terrorissem an der Sûreté de l'État begaangen hunn, well och do gëtt et eng ganz daitlech Limitéit, wat de Champ d'application vun dësen Mesuren ass.

Et ass wichteg ze ënnersträichen, fir net, zum Deel a Phantasmen, ze mengen, dass mer hei amgaange wieren, ganz aner Saachen heimad-der ze maachen.

Deen Text, wéi mer en deposéiert hunn, war begleet vun Demanden vum Avisen. Déi Avisen, déi komm si vun der CCDH, vun der CNPD, si vun der Regierung gefrot ginn. Dat ware keng kritesch Avisen, déi eis wollten op d'Plaz setzen. Dat sinn Avisen, déi d'Regierung selwer gefrot huet, well se wollt dës le début en Text maachen - well en aneren Text hätt ech heibannen net verteidegt! -, deem op all Zeil an op all Wuert deenen héchsten Uspréich vun den internationale Konventiounen am Beräich vun der Protection de la vie privée a vum Date-schutz gerecht gëtt!

Haut hu mer esou en Text! A fir dass esou en Text méiglech gëtt, hu mer Institutionen hei am Land, déi eis dobäi hëllefen.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Wann eng Regierung mat hire Servicer ëmmer eleng à même wier, en Text ze maachen, deem iwwer all Kritik erhebe wier, da bräichte mer keng CCDH, da bräichte mer keng CNPD! Fir-wat hu mer spezialiséiert Gremie wéi eng CCDH, wéi eng CNPD? Mä justement, well déi eng Expertise an en Know-how hunn, déi eis et erlaben, iwwert dat erauszegoen, wat mir selwer kënnen op den Dësch leeën.

An dann - an dat ass de sprangende Punkt - muss eng Regierung och gewëllt sinn, deenen Avisen do nozelauscheren! D'CNPD an d'CCDH hunn an der Vergaangenheet - net bei dëser Regierung - schonn oft Avisen gemaach, déi guer net oder bal net respektéiert gi sinn!

Ech beëiere mech am Numm vun dëser Regierung, dass déi Avisen, déi mer gefrot hunn, och integral befollegt gi sinn, vun der CNPD a vun der CCDH! Dat ass d'Demarche vun der Regierung. Et ass net just en initialen „jet“, deem et hei ze bewäerte gëtt. Et ass och déi Demarche hannendrun, déi mir initiéiert hunn an déi mer befollegt hunn.

An nawell war dat net gutt genuch, well nodeems mer den Avis vum der CCDH a vun der CNPD integréiert haten, koum deem éischten Avis vum Statsrot. An obwuel mer do CNPD- a CCDH-konform waren, huet de Statsrot nach eng kéier eng ganz Rei Awänn fonnt, déi mer och do nach eng kéier befollegt hunn. An och beim zweeten Avis ass et nach eng kéier esou gaangen.

Um Enn bleift en Text - an och dat héiert een dann net -, deem net nëmmen all déi Remarken integréiert huet - vum Statsrot, vun der CNPD, vun der CCDH -, mä um Enn ass och en Text, well wann ee verschidden Interventiounen gelauschtert huet, da mengt een, den Text vun der Regierung wier auserneegeholl ginn.

Dofir, nach eng kéier, och do wëll ech ënnersträichen: Den Text vun der Regierung huet sechs Mesurë proposéiert, deem initialen Text. Déi sechs Mesurë sinn nach ëmmer do. Keng eenzeg Measure ass am Respekt vun den Avisen vum CCDH, CNPD a Statsrot gestrach ginn! Wat geännert huet, ass, dass d'Libelléen, fir et nach méi kloerzemaachen, wou d'Limite si vun der Applikatioun dovun, dass déi präzi-



séiert gi sinn, mä déi Duerstellung, do wär e bal raibereschen Text gemaach ginn, deen duerno komplett ersat gi wier duerch eppes anescht, déi ass schlichtweg falsch.

Déi sechs Mesuren, déi proposéiert gi sinn: Eng dovunner ass elo an een anere Projet de loi eriwweergaangen, mä se besteet do, an déi aner sinn an dësem Text bliwwen, soudass d'Regierung par rapport zu de Mesuren an den Instrumenter, déi se de Strofverfolgungsbehörden hei zur Verfügung stellt, keng eenzeg huet misen änneren oder sträichen. Et ass d'Applikatioun, d'Präzisioun op de Ränner vun der Applikatioun, déi geännert huet, an do hu mir all Avis befollegt.

Ech mengen, dass dat méi e richtegt Bild wërft, souwuel op den Ecart tëschent dem initialen an dem Text, dee mer haut zur Ofstëmmung bréngen, an och zu der Demarche vun der Regierung.

Ech sinn op jidde Fall frou, dass mer an dësem Land et fäerdegbréngen, an dësere Matière, déi eng ganz delikat ass, eng fundamental wichteg ass, et haut fäerdegbréngen, esou en Text mat enger ganz breeder Majoritéit ze stëmmen, deen à la fois de Strofverfolgungsbehörden déi Instrumenter a Moyene gëtt, déi se brauchen, an op där anerer Säit sämtlech an héchst Ufuerderungen am Beräich vum Schutz vum Privatlewen, vun de Grondrechter assuréiert. Dat ass net esou einfach hinzekréien. Mir hunn dat zesummen hikritt an ech sinn doriwwe ganz frou.

An eng lescht Remark, fir ze ënnersträichen, dass et och keng Alternativ gouf zu där Demarche. Wann Der alles dat kritiséiert, dass mer en Text gemaach hunn, obwuel mer alles integréiert hunn, dass deen awer heihinner... Sou, da froen ech: Wat wier dann d'Alternativ gewiescht? Dass mer net reagieren? Dass mer einfach soen: Okay, mir kucken eis nach e puer aner méi politesch agreabel Saachen un, déi fir eis all an der Confortzon sinn, déi och utile kënnen sinn, mä do, wou et ëm d'Substanz geet vun de Moyene vun de Strofverfolgungsbehörden, hätte mer dann einfach näischt gemaach. Dat wär da richteg gewiescht? Sorry, dat ass einfach net an der Realitéit, wou deen doten Discours ka stattfannen!

Mir hunn eng Realitéit. Där hu mer eis gestallt, an zwar esou, dass mer mat guddem Gewësse kënnen soen, dass d'Grondrechter zu Lëtzebuerg an deem heite Fall respektéiert sinn an dass eis Strofverfolgungsbehörden déi Moyene kréien, déi se brauchen, fir an dësere Matière kloer beschriwwen, kloer delimitéiert kënnen aktiv ze ginn; wat et misst sinn a wat mer allequerten hoffen, dass et net wäert antrieden.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Parole après ministre!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hunn dat direkt erkannt. Dat stoung lech um Gesiicht geschriwwen.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, jo. Also ech mengen awer, datt ech och mat ganz villem kann averstane sinn, wat den Här Braz gesot huet, an ech hu jo och net gesot, datt keng Verännerungen un deem Text gemaach gi wieren. Nawell ass et keng Phantasmagorie, dee franséischen Text aus dem Conseil d'État, deen ech virgelies hunn, mä dat stoung schwaarz op wäiss do, datt e gemengt huet a sengem éischten Avis, datt véier grondleeënd Verfassungsprinzipien, wat déi klassesch bürgerrechtlech Fräiheeten ugaange wieren, a Fro gestallt wieren.

Woumat ech awer wierklech net averstane sinn, dat ass elo déi pauschalisierend Duerstellung! Et gëtt just Schwaarz oder Wäiss. Entweder maache mer näischt an da si mer alleguer irresponsabel, oder mer maachen dat do an da gëtt et och just dat doten.

Ech hunn a menger Interventioun drop higewisen, datt aner Länner anescht domat ëmgaange sinn. An ech hätt mer och an dësem Fall méi däitsch Besonnenheet gewënscht, une fois.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Minister!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Neen, dat ass och net dat, wat ech lech wollt reprochéieren. De Punkt war, dass Dir bei Ärer Analys stoe bliwwen sidd bei den initialen Avisen.

Mä Punkt war just, fir ze soen, d'Regierung ass bis zum Enn deen dote Wee gaangen, mat

deenen Avisen. An deen Text, dee mer haut hunn - an dat war d'Demarche vun der Regierung, well, nach eng Kéier, een aneren Text hätt ech heibannen net verdeedegt -, deen Text, dee mer haut um Dësch leien hunn, ass en Text, deen all deenen Avise Rechnung dréit, déi mir gefrot hunn, déi mir gewëllt waren, ze befollegen, fir dass mer um Enn en Text hunn, deen deem doten alles entsprécht. Dat war just de Punkt. Et geet net duer, ze soen: „Initialement huet emol eng Kéier ee geschriwwen...“

An nach eng Kéier: Déi sechs Mesuren, déi d'Regierung proposéiert huet, sinn elo konform zu all deenen Avisen. An déi sechs Mesurë sinn nach ëmmer an de Gesetzestexter. Do ass keng den Affer gi vum Respekt vun deenen doten Avisen.

A meng aschränkend Remark, Här Baum, huet sech och just bezunn op dat, wou Dir sot, dat wär elo Schwaarz oder Wäiss. Neen, meng Fro war am Beräich vun der Strofverfolgung, well, nach eng Kéier, dësen Text mécht nëmme Strofverfolgung.

Wa mer dat hei net gemaach hätten, wiere mer dann der Meinung gewiescht, dass mer am Beräich vun de Strofverfolgungsinstrumenter guer näischt bräichten ze maachen?

► **Une voix.** - Ganz richteg!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ech schwätzen nëmme vun der Strofverfolgung. Dass et och aner Moyene gëtt, déi ee supplémentaire ka maachen, do si mer eis eens. Mä och d'Strofverfolgung muss hei begaange ginn. An ech mengen, dass et keng Alternativ war, an der Strofverfolgung näischt ze maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.

Da gi mer zur Ofstëmmung iwwer iwwert de Projet de loi 6921.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6921 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwe.

58-mol Jo, bei 2 Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet de loi 6921 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden (par Mme Martine Mergen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marco Schank) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber mat der Dispens d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour: de Projet de loi 7205, d'Transposition vun engem EU-Reglement géint d'Verbreedung vun invasiven exoteschen Aarten. An den Här Gérard Anzia huet d'Wuert.

4. 7205 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°1143/2014 du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 relatif à la prévention et à la gestion de l'introduction et de la propagation des espèces exotiques envahissantes

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, et geet hei, wéi elo schonn ugedeit, ëm d'Ëmsetzung vun engem europäesche Reglement betreffend d'Aféierung an d'Ausbredung vun invasiven exoteschen Aarte vun Déieren a vu Planzen.

Den Objectif läit hei ganz kloer an der Präventioun, am Erkennen, am schnelle Reagéieren an am Management vun dësen Aarten. An dat à court terme, à long terme an och, fir ebe verschiddene Vektore Rechnung ze droen, an zwar éischstens emol dem ekonomesche Schued, deen dës Planzen an Aarten, Déieren hei kënnen verursaachen, den ökologesche Schued, de Schued fir d'Biodiversitéit an och de Schued vun der Gesondheet vum Mënsch.

Ech géif fir d'Éischt awer emol op dee Volet agoen, wéi mer hei virgaange sinn. Den Depot, dee war de 7. November 2017 hei an der Chamber. De Conseil d'État huet säin Avis den 30. März ofginn. D'Chambre de Commerce respektiv d'Chambre d'Agriculture hunn hir Avisen den 2. an den 20. März dëst Joer ofginn. Den 2. Mee hu mer dozou an der Environnementskommission geschwat a mech selwer als Rapporteur benannt. An de Rapport, deen ass den 9. Mee ugehall ginn.

Déi Aarten hei, déi invasiv exotesch Aarten, déi sinn entweder per Accident oder se si ganz bewusst duerch de Mënsch agefouert ginn. Et gëtt geschat, dass op EU-Niveau dären 12.000 Stéck do sinn um Territoire. Déi ginn awer geregelt - an dat ass dat wichtegst Element an dësem ganze Projet de loi - an u sech a Lëscht opgefouert, déi och deenen dräi Kritäre Rechnung droen, den ekonomeschen, den ökologeschen oder de gesondheetleche Schued.

Deen éischte Jet vun dëser Lëscht, dee war am Juli 2016 erauskomm. Do ware 37 Aarten drop. Déi zweet Nobesserung ass 2017 komm, och am Juli. Do waren 12 Aarte bäikomm. Dat sinn därer elo 49 op dësere europäescher Lëscht, dovun 23 Planzen a 26 Déieren, déi do wieren.

A ganz wichteg: An dësem Projet de loi féiere mer och d'Méiglechkeet an am Artikel 5, dass mer kënnen Lëschten op nationalem Niveau aféieren, wou mer aner Aarte kënnen dropsetzen, déi fir eis an deenen dräi Vektoren ebe kënnen Schued verursaachen.

Ech géif ganz kuerz op déi verschidden Artikelen agoen, wat an dësem Projet de loi hei gemaach gëtt, a virdrun nach eng Kéier op den Avis vum Statsrot agoen.

Den Avis vum Statsrot war just op engem Punkt, dat war betreffend dem Artikel 2, wat d'Permisen ugaangen ass, dat heescht, d'Geneemegungen, wat de Volet vun der Fuerschung, vun dem medezinnesche Vektor ass, wou awer esou Aarte kéinte genotzt ginn. Do war u sech den europäesche Reglementstext net vollstänneg ëmgesat ginn an duerfir si mer där Opposition formelle nogaangen. Mir hunn dat komplett ëmgesat.

Den Avis vun der Chambre de Commerce, do ass bedauert ginn, dass dëst Reglement e bësse méi spët oder ze spët géif ëmgesat ginn. D'Chambre d'Agriculture erkennt d'Problematik vun dësen Déieren- a Planzenarten op Lëtzebuergeschem Territoire an ass och do ganz alerte an ënnerstëtzt d'Aféierung vun dëse Lëschte respektiv de Mesuren, fir dergéint virzegoen.

Am Artikel 1 gëtt festgeluecht, wie kompetent an dësem Dossier ass. Dat ass den Ëmweltministère. Am 2, do sinn déi Permisen, déi Ausnameregelunge festgehalen, déi kënnen erdeelt ginn, fir awer op dësen Aarten oder mat dëse Planzen an Déiere kënnen ze schaffen.

Am Artikel 3, do kënn dat, wat ech gesot hunn, dee wichtegen Artikel vun där nationaler Lëscht, wou mer als Beispill op der europäescher Lëscht d'Nilgäns drop hunn a wou mer awer genau wëssen, dass deenen hir Cousinsen, nennen ech déi elo, déi kanadesch Gäns, zu Lëtzebuerg ganz vill Schued maachen an déi einheimesch Gänse verdreiwen. An duerfir kéint dat esou eng Aart sinn, déi u sech op déi national Lëscht géif komme vun deenen exoteschen invasiven Aarten.

Am Artikel 4 gëtt festgeluecht, wéi de Public kann deelhuelen, an zwar wa Plan-d'actionen ausgeschafft ginn, fir géint d'Ausbredung vun dësen Aarte virzegoen.

Am Artikel 5 sinn u sech all déi administrativ Mesurë festgehalen, wéi ee ka virgoen, fir dergéint ze wierken, dass ee Mesures d'urgence kann ergräfen, wann eng Aart, zum Beispill eng Planzenaart, eben iwwerhandhëlt respektiv wéi ee kann e Prelevement aus der Natur maachen.

Am Artikel 6 geet et u sech drëm: Wie kann alles elo Infraktiounen géint dëst Gesetz nogoen? An do hu mer dräi Akteuren, eng Kéier d'Douane, d'ANF an d'AGE, déi och do all Kéiers d'Qualitéit vum Officier de police judi-

ciaire kréien, nodeem dass se eng entsprechend Formation professionnelle gemaach hunn.

Am Artikel 7 geet et drëm, wat fir Rechter a Prérogatives de contrôle do sinn. Natierlech, d'Police grand-ducale ass ëmmer do am Recht, an déi virgenannten Akteuren och, fir u sech Saisien ze maachen oder fir kënnen anzegräifen.

Den Artikel 8, ganz wesentlech, do ginn d'Sanction-pénale festgeluecht, an déi si ganz straff an dësem Projet de loi: vun aacht Deeg bis ee Mount Prisongsstrof respektiv 50.000 Euro bis 500.000 Euro Geldstrof, oder eent vun deenen.

Am Artikel 9 gëtt nach eng Kéier den Droit de recours agefouert vun den Associations écologiques.

An dann hu mer nach den Artikel 10, deen de Recours en réformation virum Tribunal administratif festleet, wann een hei mat enger Decisioun vum Minister am Kader vun dësem Reglement européen net averstanen ass.

Ier ech elo de Schluss maachen an den Accord gi vun der grénger Fraktioun, wëll ech awer elo - net, well ech elo nach därmoosse vill Riedezeit hunn; dat hat den Edy Mertens eng Kéier hei gesot an eng Geschicht vun engem Léiw gezielt -, wëll ech awer trotzdem eng Geschicht zielen, fir dat e bëssen ze illustréieren.

Zwu Saachen: Wat sinn iwwerhaupt déi exotesch Aarten? Do hu mer de Riesenbärenklau, e grouse Problem. Dat ass eng Planz, déi iwwerhandhëlt an och geféierlech fir d'Gesondheet ass. Damwëld, agefouert vu verschidde Jeeë, an duerno ass dat an d'fräi Natur iwwergesiedelt. De Wäschbier kennt Der. D'Nilgäns, hat ech scho gesot, an de Signalkriibs. An da kommen ech bei mengem Beispill un.

Am Hierscht 2016 sinn ech mat mengem Meedchen Appel plécke gaangen; et muss ee jo eng Geschicht aus dem Norden zielen.

(Interruption)

An zwar ass dat an enger Wiss, wou eng kleng Baach laanschtleeft. Du ginn ech och mat mengem Meedche laanscht d'Baach kucken an do entdecken ech dann ee Steen, dee bougéiert. Deen huet mech natierlech e bëssen intriguéiert, well Steng meeschtens bei weëneg Waasser net wackelen. An dat war natierlech kee Steen, mä et war e Signalkriibs, dee 15 Zentimeter laang war. Ech hunn natierlech dunn eng Foto vun deem gemaach. Ech hat och ëmmer gemengt, et wier en amerikanesche Kriibs, mä et war awer u sech ee Signalkriibs.

Ech hunn eng Foto gemaach an dat op der ANF gemellt. An dann e grouse Merci un den Tiago De Sousa, deen direkt mat senger Equipp komm ass. Si hu Reisen opgestallt an där klenger Baach, well déi u sech ustéisst un en Naturschutzreservat, an hunn därer 40 Stéck do erausgefaangen.

Fir déi Leit, déi interesséiert sinn: Sou gesäit de Gesell aus! Mä dat gesäit een op där Opléisung vun dësem Blat ganz sécher net an der Kamera.

(M. Gérard Anzia montre une photo à la Chambre des Députés.)

(Interruptions)

Ah, Dir wëllt dat och gesinn?

(Interruptions)

Do ass de Kandidat. An de President och.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Aah, villmools Merci!

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.** - Et voilà!

(Interruptions)

Et ass och esou, dass déi 40 Stéck wäerten engem kulinarische Genoss zougefouert ginn, souwäit ech do informéiert sinn.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.** - Dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift, hei kritt Der Äre Kriibs erëm.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.** - Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur, och fir den Anschauungsunterricht. An éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis, wann ech mech net iren.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Merci, Här President. No deem klengen Ausfluch bei d'Kriibswelt wollt ech dem Gérard Anzia Merci soe fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport.